N°4641
Entrée le 19.08.2026
Chambre des Députés

Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 20.08.2026
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER

Chamberspresident

LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 18. August 2026

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau an den Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit weiderzeleeden:

„Am Kontext vun den ëmmer méi heefeg optriedenden Drécheperioden gëtt d'Waasserversuergung vun der Lëtzebuerger Landwirtschaft eng vun de Schlësselfroen. Besonnesch am Uebst- a Geméis-Secteur féiert de Mangel u Waasser zu méi héije Produktiounskäschten an zu finanzielle Verloschter.

De Lëtzebuerger Uebstbauveräin huet virun e puer Deeg drop higewisen, datt déi aktuell Dréchent fir vill Betriber mëttlerweil och eng enorm wirtschaftlech Erausfuerderung duerstellt. De Veräin fuerdert dofir eng intelligent Waasserstrategie, déi et erméiglecht, de Produzenten och an Drécheperioden déi néideg Waasserressourcen zur Verfügung ze stellen.

D'Regierung hat schonn am Kader vum Landwirtschaftsdësch ugekënnegt, d'Zesummenaarbecht tëscht den zoustännege Ministèren ze stäerken an zesumme mam Secteur pragmatesch Léisungen ze entwéckelen.

An deem Kader wollte mir der Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau an dem Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit follgend Froe stellen:

- Wéi gesäit déi aktuell Strategie vun der Regierung aus, fir d'Waasserversuergung vun der Landwirtschaft an de kommende Jore sécherzestellen, besonnesch am Hibléck op méi intensiv Drécheperioden?
- Wéi vill potenziell Standuerter fir Waasserbassengen goufen zu Lëtzebuerg bis haut identifizéiert oder analyséiert? Kann d'Regierung d'Resultater an d'Krittären, no deenen d'Standuerter erausgesicht ginn, nennen?
- Ginn et aktuell konkret Projeten oder Pilotprojeten fir d'Schafe vu Waasserbassengen am Déngscht vun der Landwirtschaft? Falls jo, wou befanne sech dës Projeten an a wéi enger Planungs- oder Geneemegungsphas sinn se?
- Wéi eng administrativ, naturschutzrechtlech oder waasserrechtlech Barrière stinn der Verwierklechung vun esou Infrastrukturen aktuell am Wee? Gesäit d'Regierung hei e Besoin fir d'Prozeduren ze vereinfachen oder ze beschleunegen?

– Plangt d’Regirung drun, fir déi aktuell Fërdermechanismen an dësem Beräich unzepassen oder auszebauen?
– Wéi wëll d’Regierung sécherstellen, datt d’Waasser fir dës Bassengen nohalteg zur Verfügung gestallt gëtt, zum Beispill duerch d’Opfänke vu Reewaasser oder d’Notzung vun anere Waasserressourcen, ouni d’Drénkwaasserversuergung oder d’Gewässer an Drécheperioden zousätzlech ze belaaschten?
– Kann d’Regierung e konkreten Zäitplang virstellen, bis wéini déi éischt konkret Pilotprojeten endlech ëmgesat kënne ginn?
– Ass geplangt, de Lëtzebuerger Uebstbauveräin, d’Landwirtschaftskummer an déi aner betraffe landwirtschaftlech Acteuren an déi konkret Planung vun dëse Projeten anzebannen, fir datt dës Strategie sou séier wéi méiglech kann ëmgesat ginn?“

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Luc EMERING
Deputéierten